

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 16. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm  
Ëmweltministesch an un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

De Littering, speziell laascht eis Stroossen, hält leider ëmmer méi zou. Permanent gesäit een  
d'Leit vun der öffentlecher Stroossebauverwaltung Offall oprafen. Och fir eis Bauere stellt de  
Littering e seriöse Problem duer, well den Offall – ë.a. Glas oder och spatz Metallstécker vu  
Béchsen – am Fudder vum Véi lant, wat zu schlimme Verletzunge ka féieren. Dacks stierft  
d'Véi esou guer dovun. Och déi sëllege Sensibiliséierungscampagnen hunn, wéi et schéngt,  
kaum eng Wierkung gewisen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Huet d'Regierung Zuelen, wéi vill Stonnen – zesummegefaasst vum ganze Land – Leit  
vun der Stroossebauverwaltung pro Joer – an opgeschlësselt op déi lescht sechs Joer -  
domat verbréngen, den Offall laascht Stroossen opzerafen?
2. Huet d'Regierung Zuelen, wéi vill Tonnen Offall laascht d'Stroose pro Joer – an  
opgeschlësselt op déi lescht sechs Joer – hu missen entsuergt ginn?
3. Wat fir Mesuren proposéiert d'Regierung am Allgemengen, fir datt d'Ausmooss vum  
Littering endlech zeréckgeet?
4. Ass d'Regierung net der Meenung, datt et beim Littering dréngend noutwenneg wär,  
vill méi Kontrollen duerchzuführen, dëst op systematesch Aart a Weis? Wa jo, wéi  
sollen dës Kontrolle konkret ausgesinn?
5. Ass d'Regierung net der Meenung, datt d'Strofe fir de Littering no uewe misste  
revidéiert ginn?
6. Kann d'Regierung sech virstellen, als Strofmooss fir de Littering op sozial  
Aarbechtmesuren – wéi z.B. Dreck oprafe laascht d'Stroossen – ze setzen, amplaz  
just op Strofe finanzieller Natur ze setzen, ewéi dëst aktuell de Fall ass?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten